

**(Discussion à l'arrière-plan)**

Dat weist: Dese Gesetzesprojet ass néideg!

Mee et muss een och ganz kloer soen, datt en den Aarbechtssektor definitiv fir jonk Leit esou net méi attraktiv mécht.

(Discussion à l'arrière-plan)

Här Di Bartolomeo, ech géif de Mikro ausmaachen; dann héiere mir Äert Zwëschesgespréich net.

Mir hunn elo scho Problemer, jonk Leit dervun ze iwwerzeegen, eng Karriär am Gesondheitssektor unzegoen, an déi lescht Méint - an ech fäerten, leider och déi kommend - wäerten de Rekrutement an deem Sektor net méi einfach, mee éischter méi schwéier maachen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dese Gesetzesprojet ass eng provisoresch Plooschter. E verhënnert déi schlimmst Bluddungen. Et ass Médecine d'urgence. Et ass eng kuerzfristeg Noutléisung, déi awer derzou féiere kéint, datt mer laangfristeg negativ Konsequenzen hunn, wat de Rekrutement an d'Ausbildung vum Santéssektor betrëfft. Mir müssen also hei dréngend laangfristeg Léisunge fannen, well nëmmen esou kënnen mer de Gesondheitssektor op stabil Féiss setzen.

Dat gesot, stëmmen d'Piraten dese Projet mat engem kräischenden A mat, well mer e brauchen, mee mir hoffen, datt mer de Gesondheitssektor virun deem säit Joerzéngte schweelende Burnout kënnen retten.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Ganz gutt!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Clement. D'Regierung huet d'Wuert, den Här Aarbechtsminister Dan Kersch.

Prise de position du Gouvernement

■ **M. Dan Kersch**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.- Merci, Här President. An ech géif meng Ried och direkt ufänke mat weidere Mercien. Engersäits un de Staatsrot, deen hei ganz séier en Avis geschriwwen huet. A selbstverständlech och e Merci un alleguerten d'Kolleegen aus der Chamberskommission, déi an der Mëttestonn géier op d'Dagesuerdung konnte bréngen.

Här President, et gëtt Gesetz, déi presentéiert ee mat grousser Freed. Et gëtt anerer, déi presentéiert een net esou gär. An et gëtt der, déi presentéiert ee mat Widderwëllen a souguer mat ganz schwéierem Häerz. Dat heiten ass eent dovunner, op dat mer, mengen ech, alleguerte ganz gare verzicht hätten. Et ass e Gesetzesprojet - et ass elo grad gesot ginn -, deen aus der Nout eraus gebueren ass an deen och duerch d'Nout, an där mer sinn, net ze ëmgoe war.

Et ass e Gesetzesprojet, dee preventiv gestëmmt gëtt, fir Situatiounen ze vermeiden oder fir Situatiounen eventuell ze geréieren, an déi mer hoffentlech ni erakommen. Ech mengen, dat ass e gemeinsame Wunsch, deen ech aus alle Stellungnamen hei eraushéieren hunn. Et ass u sech de Prototyp vun enger Moosson, déi een hält, fir Schlimmeres ze vermeiden.

Mir kënnen awer net esou maachen, wéi wann et de Problem vun der Penurie vun de Fleegekräften net géif ginn, souwuel an de Spideeler wéi och an den Alters- a Fleegeheemer an och an de staatleche Kannerheemer. De Problem ass reell. En ass eeben net nëmme méi reng theoretesch, mee e kéint ganz séier ganz direkt a ganz konkret ginn. An et ass och kee Lëtzebuerger Phenomeen. Dat wësse mer alleguerten. Et ass en internationale Phenomeen, net nëmmen zu Lëtzebuerg an a sengen Nopeschlänner, mee ech géif soen a quasi ganz Europa. Jo, dat weist drop hin, dass dat, wat an deenen dote Beräicher geleescht gëtt, an der Gesellschaft net ëmmer déi Unerkennung féint, déi et u sech brauch. An et huet missen eng Kris kommen, fir dass mer eis alleguerte bewusst gi sinn, wéi ofhängeg mer och vun deene Leit sinn, déi an deenen dote Secteuren aktiv sinn.

Am Géigendeel zum Ufank vun der Kris, wou haapt-sächlech drëms gekämpft ginn ass, fir genuch Better erbäizekréien, genuch Schutzmaterial, genuch Respiratoren, si mer elo éischter an enger Situatioun, wou mer a Rekordzäit, mengen ech, all déi Problemer do geléist hunn, an et fält eis ëmmer méi op, wéi ofhängeg mer wierklech si vun de Leit, déi an der Fleeg schaffen.

Dee Problem gëtt verschäerft, an dat wësse mer alleguerten, well déi Leit jo och keng Roboteren a keng Automate sinn. Och si kënnen krank ginn, zouneemenden Absenteismus, deen och ze erklären ass duerch Iwwerlaaschtung, den Isolement, och d'Quarantän, déi déi Leit selwer mussen matdroen. Et ass duerfir och, mengen ech, müsseg, fir driwwer ze diskutéieren, ob mer op déi dote Situatioun virbereet waren. Nee! Mir waren, wéi alleguerten déi aner Länner ronderëm eis, wéi alleguerten déi aner Länner an Europa an alleguerten déi aner Länner op der Welt, op déi dote spezifesch Situa-

tioun, esou wéi se sech elo presentéiert, net preparéiert. An dat soll een och hei net wëllen iergendengem virmaachen.

Mir probéieren, an enger Situatioun vun der Nout dat Beschte ze maachen. An ech mengen, et kann ee soen, dass eis dat, mat der Hëllef vun all deene Leit, vun deene mer virdru geschwat hunn, bis elo relativ gutt gelongen ass. Ech wëll mech duerfir deene Gedanken, déi vun alle Bänken elo ausgedréckt gi sinn, deene Gedanke vun Dankbarkeet a Respekt vis-à-vis vun deem Sektor hei uschléissen. Mir wëssen, wat mer un hinnen hunn.

A mir perséinlech ass et och ganz kloer: Et kann een eng Zitroun auspressen a se och nach eng Kéier auspressen an och nach eng drëtze Kéier auspressen, mee iergendwann kënnt de Moment, wou kee Jus méi do ass. A mir riskéieren natierlech, genau bei deser Kategorie vu Leit hei scho bal op deem Punkt unzekommen! Och dat ass eis bewosst. An duerfir läit an där Situatioun, wa mer herno dat Gesetz gestëmmt kréien, eng grouss Verantwortung bei den Direktiounen vun deenen einzelnen Haiser, läit eng grouss Verantwortung bei de Responsabele vun de Ressource-humainë vun deenen Haiser, läit eng grouss Verantwortung bei de Chef-de-servicë vun deenen Haiser, fir ganz gutt opzepasst, wien een et nach kann zoumudden, 12 Stonnen den Dag oder 60 Stonnen d'Woch ze schaffen, a wien net.

Och ech als Minister kréien hei eng Verantwortung, op déi ech ganz gare verzicht hätten. An ech engagéiere mech, mat dem nämmlechte Soin un déi dote Fro erunzegoen, wéi mer et och gemaach haten an där Phas vum État de crise.

Et ass virdru gesot ginn, et wäeren 33 Betriber gewiescht, déi eng Autorisatioun kritt hätten, et waren der u sech 32. Ech nennen awer och hei ganz bewosst gären eng Kéier d'Secteuren: Zwee aus dem Gardiennage, een aus der Gestion des déchets, nämlech de SIDOR, et war eng Entreprise aus der Lofftaart, dat war d'Cargolux, et waren zwee Spideeler, et waren zwee Transports de malades, also Air Rescue, an et waren och nach 24 Betriber aus dem Secteur des soins. Alleguerten déi aner Demanden hunn ech ofgeleent. An ech kann lech soen, et waren der eng jett. Et waren der bal 20. Ech hunn der och ofgeleent, wou ech souguer e positiven Avis vun de Gewerkschaftsvertrieder hat, well ech einfach der Meenung sinn, dass dat heiten en Instrument ass, mat deem ee ganz virsiichteg muss ëmgoen. An ech engagéiere mech hei op der Tribün, wann d'Gesetz gestëmmt ass, dat och mat deem heiten ze maachen.

Et ass virdru vun alternative Weeër geschwat ginn, an ech sinn dankbar fir alleguerten déi Iddien, déi kommen. Réserve sanitaire ass ee Stéchwuert. Et ass och gesot ginn, déi Leit wäeren nach net erëm mobiliséiert ginn. Jo, dat stëmmt, well mer jo am Moment nach net op deem Punkt sinn, wou guer näischt méi géif goen. Dat, wat mer am Moment amgaange sinn ze maachen an ze diskutéieren, ass eis preventiv drop virzereeden, wa mer erëm géifen an déi Situatioun do kommen.

Ech wëll awer och soen, dass déi Réserve sanitaire net méi esou bestéckt ass, wéi dat nach am März an am Abrëll de Fall war, ganz einfach, well eng ganz Rei vu Medezinnstudenten net méi zur Verfügung stinn, well se op den Unie sinn, awer och, well mer alleguerten déi Leit, déi a paramedezinnesche Beruffer sinn, wéi Kinéen, Osteopathen an esou weider, am Moment net kënnen an där Réserve sanitaire mobiliséieren, well se nach am normale Betrib schaffen. Och dat sollt ee wëssen, wann een doriwwer schwätzt.

Jo, déi Pist, déi ugeschwat ginn ass, fir ze probéieren, deene Leit, déi bereet sinn, iwwert déi Tâche erauszegoen, déi se bis elo kritt hunn, dass se eng ganz Tâche kréien, dat misst eng Pist sinn, déi ganz seriö diskutéiert gëtt. Méi skeptesch sinn ech bei de Schüler aus der Infirmiërschoul, well dat do eng Fro vu Responsabilitéit ass a well mer virun allem hei an engem Beräich jo Leit brauchen, wou mer héich qualifizéiert Infirmieren an Infirmière géife brauchen, nämlech an der Betreierung vun de Covidpatienten. Wéi gesot, et soll een näischt ausschléissen, mee ech sinn do e bësse méi skeptesch.

Eppes aneres, wat nach net genannt ginn ass, mee wat mer mat Sécherheet erëm wäerten op d'Tapéit bréngen, ass, déi Leit ze rekrutéieren, déi an enger Preretraite sinn. Mee da mussen mer op där anerer Säit awer och garantéieren, dass déi Leit eng voll Pai kréien an net doduerjer bestrooft ginn, dass se am Fong schaffe ginn. Dat hate mer am État de crise gemaach. A wa mer op déi dote géifen zrëckgräifen, da misste mer dat heiten och reglementaresch oder gesetzlech, ech weess dat elo de Moment net méi auswenneg, selbstverständlech och ofsécheren. Ech mengen, do si mer eis och alleguerten eens.

Ech mengen net, dass mer hei am Widdersproch sinn zu fundamentalen aarbechtsrechtleche Prinzipien. Déi europäesch Direktiv gesäit ganz prezis vir, dass een an Noutfäll kann d'Aarbechtszäit, déi

normalerweis 10 Stonnen den Dag an 48 Stonnen d'Woch ass, iwwerschreiden. An dat ass dat, wat mer hei maachen.

Ech deelen och net d'Aschätzung vum Conseil d'État, dass de Ministère oder de Minister hei zu enger Boîte à lettres dégradéiert gëtt. Ech wäert dat op jidde Fall net esou handhaben, well mer och eng aner Lektür hu vun deem Passage wéi de Staatsrot. Fir eis ass et ganz kloer: Eng Demande d'autorisation, dat implizéiert, dass e Pouvoir d'appréciation vun engem Minister do ass, soss wär et keng Demande d'autorisation, mee soss wär et eng Notifikatioun. An d'Gesetz gesäit ganz kloer eng Demande d'autorisation vir.

Ech wollt och nach soen, dass, entgéint deem, wat emol dobaussen esou behaupt gëtt, och wann e Betrib d'Autorisatioun géif kréien, fir exzeptionell 60 Stonnen d'Woch an 12 Stonnen den Dag ze schaffen, domadder de Repos journalier an de Repos hebdomadaire net ofgeschafft sinn. Dat war eng Fro, déi och an der Chamberskommission, zu Recht, gestallt ginn ass. An d'Äntwert ass ganz kloer: De Code du travail ass fir de Rescht net ausser Kraaft gesat an déi Bestëmmunge müssen agehale ginn.

An dann, last but not least, ass och d'Kollektivvertragsrecht net ofgeschafft. Dat heescht also, d'Gewerkschaften behalen hei e Matsproocherecht, ob dann effektiv an engem Betrib mat deem neie Stonneplang ka geschafft ginn oder net. Den SAS-Kollektivvertrag, fir nëmmen deen ze nennen, gesäit ganz prezis vir, dass d'Aarbechtszäit 10 Stonnen net däerf iwwerschreiden, an och net 48 Stonnen d'Woch. Wann also Leit am SAS-Kollektivvertrag vun hirem Haus vun enger Reegelung beträff wäeren, da misst en Arrangement fonnt ginn tëscht dem Patron an dem Salarié respektiv der zoustänneger Gewerkschaft. An dat ass och gutt esou, well ech souwiesou der fester Iwwerzeegung sinn, dass een dat heiten nëmme ka gutt iwwert d'Ronne bréngen, wa matenee geschwat gëtt a wa Récksiicht op deen ee wéi op deen anere geholl gëtt.

Duerfir merci fir déi awer relativ breet Zoustëmmung, déi ech hei kritt hu fir e Gesetz, wéi gesot, op dat ech ganz gare verzicht hätten. Ech verstinn awer och d'Awänn, déi d'Kollege gemaach hunn, a soen lech duerfir Merci fir d'Verständnis.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools dem Aarbechtsminister Dan Kersch. D'Diskussion ass elo ofgeschloss.

Mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7689. Den Text steet am Document parlementaire 7689². Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen. Duerno maachen ech den Appel nominal fir de Vote par procuration.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7689 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un.

Wien e Vote par procuration wëllt ofginn, soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Appel nominal (votes par procuration)

Domadder ass dese Projet de loi mat 37 Jo-Stëmme bei 2 Nee-Stëmmen an 21 Abstentouneen ugehall.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 7689 est adopté par 37 voix pour et 23 abstentions.

Ont voté oui: MM. Guy Arendt (par M. Gilles Baum), André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn (par M. Gusty Graas), Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton (par M. Georges Engel), Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch;

Mme Semiraj Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par Mme Josée Lorsché), Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Jeff Engelen);

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Se sont abstenus: Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz (par M. Léon Gloden), Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter,

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

8. 7688 - Projet de loi du * portant**

1° dérogation à l'article 27 de la loi modifiée du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental;

2° modification de la loi modifiée du 29 juin 2005 fixant les cadres du personnel des établissements d'enseignement secondaire;

3° modification de la loi modifiée du 23 juillet 2016 portant création d'une réserve nationale des employés enseignants des lycées

Als nächste Punkt hu mer de Projet de loi 7688 iwwer eng temporär Ofännerung vum Schoulgesetz. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An ech géif d'Wuert ginn un de Rapporteur, den honorabelen Här Gilles Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche

■ **M. Gilles Baum** (*DP*), *rapporteur*.- Merci, Här President. Bei diesem Projet de loi geet et och erëm ëm d'Opflame vun den Infektionszuelen, an d'Gefor, sech selwer unzestiechen oder de Virus weiderzeginn, ass méi héich wéi jee. D'Statistike vun der Santé weisen, dass déi neisten Haussé vun den Infektionen haaptsächlech Persounen tëscht 20 a 60 Joer betreffen. An déi béis Zongen, déi am Moment behaupten, dass eis Kanner an eis Jugendlech déi Haaptverbreeder vum Virus wäeren, hunn also Onrecht. An d'Polemik ëm d'Infektionsgefor an de Schoulen ass gradesou onberechtigt.

Zënter der Rentrée goufen et 1.544 positiv Fäll ënner Schüler an Enseignanten, dat heescht Schüler an Enseignanten zesummegezitt. Dat mécht 1,3 % vun der gesamter Schoulpopulatioun aus. Bei 80 % vun den infizéierte Kanner oder Schüler geet d'Santé dervunner aus, dass se sech an der Famill infizéiert hunn an net innerhalb vun der Schoul.

Trotz dese Fakte riskéiert eise Schoulsystem, duerch déi alarmant Entwécklung vun der Pandemie iergendwann net méi fonctiounsfäeg ze sinn. Well de Virus den Ament haaptsächlech ënnert den Erwuessenen zirkuléiert, besteet d'Méiglechkeet, dass en Enseignant mat engem Kranken a Kontakt kënnt oder sech souguer selwer infizéiert. Dëst beweist och déi steigend Zuel vun Enseignanten, déi an de leschten Deeg an Isolatioun oder a Quarantän gesat goufen.

Ausserdeem huet de Lëtzebuerger Conseil supérieur des maladies infectieuses viru Kuerzem decidéiert, dass schwanger Fraen och als Personnes vulnérables unzegesi sinn. Dëst bréngt mat sech, dass all Joffer an all Professesch, déi den Ament e Puppelchen erwaart, fir dëst Joer keen Unterrecht méi kann halen. Deemno wäerten eleng am Fondamental ronn 200 Joffere vun haut op muer ewechfale, wat de Bildungsministère virun eng ganz grouss Erausforderung stellt. Den aktuelle Pool des remplaçants geet nämlech bai Wäitem net duer, fir des Enseignanteën ze ersetzen.

Am Secondaire ass et en änleche Problem. Déi vulnerabel Professere kënnen hiren Unterrecht zwar via Enseignement à distance halen a sech live an e Klassenall streamen, connectéieren, mee d'Schüler müssen awer während där Zäit iwwerwaacht, surveilléiert ginn. D'Lycéeë riskéieren allerdéngs och, net genuch Personal ze hunn, fir d'Surveillance ze assuréieren, zemoos wann d'Zuel vun den Isolatiounen a Quarantänen ënnert dem Corps enseignant weider eropgeet.

Fir d'Kontinuitéit vum Unterrecht ze garantéieren, mussen mer souwuel am Fondamental wéi och am Secondaire zousätzlech Personal astellen. An dat esou séier wéi méiglech. An dofir proposéiert de Bildungsministère eng Rei Derogatiounen zum aktuelle Gesetzestext iwwert de Rekrutement vu Remplaçanten am Fondamental an am Secondaire. Et ass déi selwecht Approche, déi mer schonn hatten am Mee, wou Leit rekrutéiert gi sinn, fir den Enseignement an A- a B-Gruppen ze maachen. Dat heite Gesetz ass also näischt ganz, ganz, ganz Neies.

Déi éischt Derogatioun betrëfft d'Konditioun, déi ee Kandidat muss erfüllen, fir dierfen als Remplaçant am Fondamental ze schaffen. Normalerweis brauch esou e Remplaçant eng Attestation habilitant à faire des remplacements, déi een eréischt kritt no deems ee véier Woche Stage an der Primärschoul gemaach huet. An dës muss vum Directeur régional validéiert ginn.

Fir dës Procédure de recrutement ze beschleunegen, proposéiert dese Projet de loi allerdéngs, op dës Attestatioun ze verzichten.

Den Text gesäit vir, dass prioritär Leit engagéiert ginn, déi e Bachelor en sciences pédagogiques hunn. Als Zweet soll op Remplaçanten zrëckgegraff ginn, déi virun der Reform vum Enseignement fon-



damental, also vun 2009, engagéiert goufen. Als lescht Ressource kënn Leit rekrutéiert ginn, déi en Diplôme de fin d'études secondaires hunn an déi eis dräi administrativ Sprooch beherrschen. Also ganz kloer: Si mussen Däitsch, Franséisch, Lëtzebuergesch schwätzen a schreiwe kënnen an och en Diplôme de fin d'études hunn.

Dës Agente ginn ënnert dem Regimm vum Employé de l'État engagéiert a kréien e Contrat à durée déterminée bis spëitstens de 15. Juli 2021 ausgestallt.

Déi zweet Derogatioun betrëfft déi aktuell Reeglung iwwert d'Personal am Enseignement secondaire. Fir d'Surveillance an de Lycéeën ze assuréieren, soll de Bildungsministère kënnen op Staatsbeamten a Staatsemployéen zrëckgräifen, déi net am Enseignement public tätig sinn. Dës Agente géifen dann temporaire detachéiert ginn an un de Lycée ugestréckt ginn - also detachéiert ginn, si ginn net ugestréckt, mee si ginn un de Lycée rattachéiert, detachéiert; net dass Der herno mengt, et misst ee moies Seeler mat an d'Schoul huelen -, wou e Manque un Enseignant herrscht.

Hei dernieft sollen d'Lycéeën och kënnen zousätzlech Remplaçantë rekrutéieren, an dëst ënner engem temporaire Kontrakt als Employé de l'État.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'Demokratesch Partei ass et enorm wichteg, d'Kontinuitéit vum Schoulunterricht ze garantéieren. Mir dierfen net risquéieren, dass eise Schoulsystem duerch d'Hausse vun den Infektiounen zesummebrécht. Den Homeschooling war zwar eng gutt Noutléisung, fir dat lescht Schouljoer propper ofzeschléissen, mee et ass awer net méiglech, op Dauer e qualitativ héichwäertegen Unterricht mat dësem System ze garantéieren.

Am Numm vun der DP kann ech dësem Projet also nëmmen zoustëmmen. Mir mussen schnell reagéieren, fir op eng weider Hausse vun den Absencen ënnert dem Léierpersonal virbereet ze sinn. D'Recht op Bildung ass a muss och weiderhin eng vun eise Prioritéiten bleiwen.

Zum Schluss wëll ech de Kolleegen aus der Educatiounskommissioun an dem Staatsrot e grouse Merci soen, datt mir dës Projet esou séier konnt an de Plenum bréngen.

Ech soen Iech alleguerter Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Ech soen dem Rapporteur, dem Här Gilles Baum, Merci a ginn d'Wuert un den éischten ageschriwwene Riedner, déi honorebel Madamm Martine Hansen. Madamm Hansen, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

■ **Mme Martine Hansen (CSV).** - Merci, Här President. An och ee grouse Merci un de Rapporteur fir säin ausféierleche Rapport. Ech mengen, op d'Detailer brauch ech net méi anzegoen.

Mir hunn héieren, an, ech mengen, déi meescht wëssen et och: De Virus mécht och virun der Schoul keen Halt. Leider weisen d'Zuelen eis dat all Dag. Émmer méi Enseignantë mussen ersat ginn. An dofir gëtt mat dësem Projet de loi elo probéiert, fir u sech eng gesetzlech Basis ze schafen, fir un zousätzlech Ersatzpersonal ze kommen. Well, an esou steet et am Exposé des motifs, ech zitieren: « [...] il convient cependant, à tout prix, d'assurer une continuité dans la tenue des classes et de l'enseignement des élèves [...] ». »

Dir Dammen an Dir Hären, als CSV soe mer och:

1. D'Schoul muss opbleiwen.

2. D'Schoul ass keng Welt à part. All Dag gi sou zirka 110.000 Schüler a Studenten an d'Schoul a sou zirka 11.000 Enseignanten. D'Schoul kann also och net wéi eng Welt à part behandelt ginn.

3. An, jo, de Virus verbreet sech och an der Schoul! An dofir geet et net duer, fir einfach zousätzlech Moyenen ze schafen, fir d'Personal ze ersetzen, wat ausfällt. Nee, et muss ee sech fir d'éischt emol Gedanke maachen, fir ze verhënneren, datt de Virus sech séier ka verbreeden.

Well, ech soen et nach eng Kéier: D'Schoul ass keng Welt à part, d'Schoul ass keng Insel. An dofir muss mer wierklech alleguerter probéieren, fir déi Coronawell ze brieche an net fir een Deel vun där Coronawell ze ginn, an dat och an der Schoul. Hei huet d'Regierung eng Verantwortung ze iwwerhuelen an de Schoulen an net dës Verantwortung - och dat hunn ech schonn eemol hei op dëser Plaz gesot - esou wéi eng waarm Gromper séier weiderzeginn un d'Direktiounen!

An déi essenziell Fro, an och déi hat ech beim Debat iwwert d'Deklaratioun zum État de la nation hei gestallt, ass: Firwat ass d'Rentrée scolaire net am Summer besser virbereet ginn?

D'Madamm Gesondheetsministesch huet gesot, den Zenario, an deem mer elo hei wären, mat deem wier gerechent ginn. Déi lescht Woch sot d'Madamm Gesondheetsministesch, den Zenario, an deem mer wären, dat wier keng Iwwerraschung. Da froe mir eis awer wierklech: Wann deen Zenario

esou erwaart ginn ass, firwat ass deen Zenario net och preparéiert ginn? Dann hätt een elo just missen den Tirang opmaachen an d'Mesuren eraushuelen. Leider ass dësen Tirang eidel.

Dofir soen ech hei ganz kloer: Et geet net an dëser Situatioun, wou wierklech d'Unzuel vun den Infizierten dramatesch an d'Luucht geet, wou mer och op där enger Säit elo muer ee Gesetz ... oder wou ee Gesetz hei gestëmmt gëtt, wou u sech d'Grundfräiheeten ageschränkt ginn, a wou mer op där anerer Säit awer d'Schoul esou behandelen, wéi wann näischt wier.

Do soen ech wierklech nach eng Kéier dat Stéchuert, an och dat zitt sech vun do un, wou mer deen État de crise hei deklaréiert hunn, wéi ee roud Fuedem duerch alleguer d'Mesuren: Stéchuert „Kohärenz“ an domadder och Stéchuert „Akzeptanz“. Well wann ee vun de Leit fuerdert, si solle matmaachen - an dat muss mer och fuerderen, well soss packe mer de Virus net, an dat fuerderen ech och op dëser Plaz hei -, mee da muss es selwer fir Kloeerheit a fir Kohärenz suergen. Dat ass hei net ginn, an dofir wäerte mer dëst Gesetz och net matstëmmen, well et peekt de Problem net un!

Ech wäert awer hei konstruktiv Virschléi maachen an an deem Sënn eng Motioun deposéieren, wou mer nach eng Kéier drop hiweisen, wéi wichteg datt et ass, datt d'Kanner an déi Jugendlech kënnen an d'Schoul goen, wéi wichteg et awer och ass, mat ënnerschiddleche Mesuren alles ze maachen, fir déi Coronawell ze ënnerbrieche, an awer och, datt mer elo an dëser Zäit extreem mussen oppassen, datt eis Bildungsschéier net nach méi wäit auserneeget. An dofir fuerdere mer 13 Punkten:

Éischstens, Maskepflicht och an de Schoulen.

Zweetens, souwäit wéi et méiglech ass, d'Unzuel vun de Schüler pro Klass ze reduzéieren. Wéi gesot, do, wou et méiglech ass.

Bei deenen ieweschte Klasse vum Lycée elo erëm eng Kéier eng Aféierung, net vun deem ale System A a B, mee vun engem neien A-a-B-System, wou d'Hallschent vun der Klass am Kllassesall ass an déi aner Hallschent suivéiert de Cours via Streaming.

Drëttens, nee véiertens sinn ech schonn: Dat noutwendeg Material dann och de Schoulen zur Verfügung stellen, datt dat kann organiséiert ginn.

Fënneftens, de Schoulen zur Dispositioun där Camérathermiquen ze stellen - d'Proffgewerkschafte froen dat -, fir och d'Temperatur ze moossen a fir dann, wann erhéichten Temperatur festgestallt gëtt, deene Leit och direkt ee Covidtest zur Verfügung ze stellen. Den Här Minister hat zu mir gesot, dat wier eng falsch Sécherheet. Ech soe just: Dës falsch Sécherheet gëtt dann och an de Klinicken agesat a falsch Sécherheet ass virun e puer Méint vun der Regierung och nach bei de Maske beschwat ginn. All kleng Measure hëlleft!

Sechstens, den ëffentlechen Transport ass och keng Welt à part. Dat heescht, mir hätte gären, datt den ëffentlechen Transport esou wäit multiplizéiert gëtt, wéi et méiglech ass, datt u sech do d'Distanciation physique och méiglech ka ginn.

Respektiv, siwontens, eventuell een Decalage vun den Horairen an de Schoulen organiséieren, fir datt eebe manner Kanner beieneen am Bus sinn.

Aachtens, de System vun der Ventilatioun vun de Schoule kontrolléieren. Och dat hätt scho längst kënnen gemaach ginn. Do, wou et net richtig funktionéiert, de Schoulen déi néideg Apparaturen zur Verfügung stellen, fir d'Loft méi propper ze maachen.

Néngtens, eng geziilt Belëftung erméiglechen, och do duerch déi néideg Apparatur, déi eeben do ass, zum Beispill eng CO₂-Ampel, wann dat hëlleft. Alles hëlleft, wéi gesot.

An zéngtens, eppes, wat extreem, extreem wichteg ass, wat leider an der Educatioun schwéier funktionéiert oder schlecht funktionéiert, dat ass eng transparent Kommunikatioun an zwar vis-à-vis vun allen Acteuren aus dem Schoulberäich: den Elteren, de Schüler, den Enseignanten, den Direktiounen, awer och den Ausbildungsbetriber, well déi ginn dacks vergiess.

Eeleftens, fir ze verhënneren, datt d'Bildungsschéier nach méi wäit auserneeget, d'Nohëllefscours an d'Hausaufgabenhëllef bäibehalen an net ofschafen, esou wéi dat elo am Moment erëm gemaach gëtt. Am Noutfall dann eebe mat den digitale Moyenen, déi mer zur Verfügung hunn.

Zwieleftens, all déi Kanner, déi spezifesch Besoinen hunn: Hei muss den Encadrement och an Zukunft garantéiert ginn.

An 13. Punkt, dee leschten: kloer a kohärent Reegelen tëschen de Schoulen an de Structure-d'accueil.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- rappelant l'importance de l'enseignement pour l'avenir de nos enfants et de nos jeunes ainsi que pour la cohésion sociale de notre pays ;

- considérant que la communauté scolaire comporte actuellement - sans compter les parents - quelque 108.000 élèves et étudiants ainsi que quelque 11.000 enseignants ;

- considérant que le coronavirus Sars-CoV-2 est présent partout dans notre société et par conséquent aussi et de plus en plus dans nos écoles ;

- considérant que la propagation du virus doit être limitée au maximum aussi dans les écoles ;

- considérant la nécessité d'un ensemble cohérent de mesures ciblées et compréhensibles pour ce faire ;

- considérant que les écarts de réussite scolaire ne doivent pas augmenter en raison du coronavirus Sars-CoV-2 ;

- rappelant dans ce contexte le principe du Gouvernement „Maximal Chancë fir d'Bildung a minimal Chancë fir de Virus“,

invite le Gouvernement,

- à prescrire, à l'exception des élèves de l'éducation précoce et préscolaire, une obligation de porter un masque protecteur au sein des complexes scolaires (à l'exception de l'éducation physique) ;

- à limiter - partout où cela est possible - le nombre d'élèves par classe ;

- à instaurer, dans les classes supérieures de l'enseignement secondaire, un système en alternance en deux groupes A (en présentiel) et B (en distanciel via « streaming ») ;

- à assurer la mise à disposition du matériel nécessaire pour toutes les écoles (caméras, etc.) ;

- à mettre à disposition des caméras thermiques pour prendre la température des élèves et des enseignants ainsi qu'à fournir les tests Covid-19 nécessaires dans le cas d'une température élevée ;

- à augmenter la fréquence des transports en commun afin que la distanciation physique puisse être garantie ;

- à envisager dans le même ordre d'idées un décalage des horaires des écoles ;

- à contrôler les systèmes de ventilation des écoles et à mettre à disposition, le cas échéant, des purificateurs d'air performants ;

- à mettre à disposition le matériel nécessaire afin d'arriver à une aération plus ciblée ;

- à pratiquer une politique de communication transparente pour tous les acteurs scolaires (élèves, parents, enseignants) et aussi pour les entreprises de formation (apprentis et patrons) ;

- à offrir respectivement à maintenir des cours d'appoint et d'aide aux devoirs à domicile ciblés, le cas échéant, aussi de manière numérique ;

- à garantir un encadrement approprié et sécurisé pour les élèves à besoins éducatifs spécifiques ;

- à instaurer des règles cohérentes pour les relations entre écoles et structures d'accueil (p. ex. en cas de classes isolées).

(s.) Martine Hansen, Paul Galles, Françoise Hetto-Gaasch, Georges Mischo, Claude Wiseler.

Ech soen Iech Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Hansen.

Nächstes ageschriwwene Riedner ass déi honorebel Madamm Francine Closener. Madamm Closener, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Francine Closener (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hu gëschter een neit Wuert geléiert. Dat Wuert „pandemidd“. Jo, effektiv, si mécht ee midd, déi Pandemie, physisch a mental. An awer muss mer alleguerter déi Middegkeet iwwerwannen, well de Wanter gëtt net einfach a verlaangt jiddwerengem Ausdauer, Courage a Flexibilität of. An dat gëllt ganz sécher net zulescht fir all d'Acteuren an a ronderëm d'Schoul.

A Krisenzäiten ass et wichteg, Prioritéiten festzelleen. An et ass richtig, datt fir d'Regierung d'Schoul déi héchste Prioritéit huet an datt se alles derfir mécht, fir d'Schoul op ze halen.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **Mme Francine Closener (LSAP).** - Spëitstens zanter dem Lockdown am Fréijoer wësse mer, wéi wichteg oppe Schoule si fir Kanner a Jugendlecher, wéi wichteg déi sozial Kontakter sinn ënnereneen a mat den Enseignanten. A mir wëssen och, datt d'Schüler, déi an hirem familiären Ëmfeld weineg Ënnerstützung hunn, sech mam Homeschooling vill méi schwéiergedoen hunn, och emotionell, wéi Jonker, deenen et souwisou besser geet, materiell, familiär a schoulesch.

All d'Kanner leiden ënnert der Kris, souwisou, an ëmsou méi elo, wou och hir Fräizäitaktivitéiten nees mussen zrëckgefuer ginn. D'Kanner dierfen net den Androck kréien, datt si Quantité négligeable sinn. Datt alles anescht méi wichteg ass wéi hir

Besoinen. Dofir sollte mer alles drusetzen, fir d'Schoulen op ze halen.

Dat geet awer nëmmen, wann och den Infektiounsschutz iewescht Prioritéit huet. An et sinn an deem Sënn ganz vill Moossname fir d'Schoule geholl ginn. Mee déi zeg Klassen, déi a Quarantän sinn, déi Kanner, déi doheem oder an der Schoul mat hirer Klass isoléiert sinn, déi vill Enseignanten an Educateuren, déi krank sinn, all dat mécht verständlecherweis och Angscht. Duerfir muss den Infektiounsschutz onbedéngt en permanence optimiséiert ginn.

Déi 4-Persoun-Reegel an der Kantin ass zum Beispill absolutt ze begreissen. Datt d'Schüler awer zu iwwer 100 dicht openeen an der Schlaang stinn, fir iwwerhaapt an d'Kantin eranzekommen, dat ass net gutt. Och de Schülertransport ass en Thema, dat d'Regierung net einfach kann a soll ignoréieren.

Dernieft encouragéieren ech d'Experten an den zoustännege Ministären, nach eemol iwwert den Asaz vun CO₂-Messapparater oder Loffilteren an de Schoulen nozedenken. Et gëtt jo an der Tëschenzäit awer eng Rei vun Etüden, déi zur Konklusioun kommen, datt dat effikass Moossname wieren. Och dat kéint den Infektiounsrisiko erofdrécken an domadder och de Risiko, datt Enseignanten an Educateure krank ginn an ausfalen.

Här President, dat Gesetz, wat mer elo stëmmen, ass dréngend néideg, fir datt de Schoulbetrieb kann oprechterhale ginn. Et muss Remplaçanten am Fondamental rekrutéiert ginn. Et muss Surveillanten am Secondaire agestallt ginn. De Rapporteur huet d'Urgence beschriwwen. Merci dem Gilles Baum nach eng Kéier fir säin exzellente Rapport!

Zanter der Rentrée sinn eng 150 Enseignanten aus den ëffentleche Schoule positiv getest ginn. Si mussen also ersat ginn. Derbäi kommen, wéi gesot, vulnerabel Enseignanten a säit Kuerzem betrëfft dat jo dann och schwanger Enseignanten. Eleng am Fondamental mussen 200 Congés de maternité ersat ginn. Duerfir ass et absolutt noutwendeg, datt mer zousätzlech Personal rekrutéieren. Elo direkt, esou wéi mer dat deemools schonn am Fréijoer gemaach haten.

Wann een awer eleng vun 200 Congés de maternité an der Grondschool ausgeet, geet et dann duer, fir nëmmen 200 Chargés de cours ze rekrutéieren? Wier et net eng Iwwerleeung wäert, fir hei ze anticipéieren a prophylaktesch nach méi Kandidaten ze sichen oder op d'mannst déi Remplaçanten, déi elo scho rekrutéiert ginn, dann och no der Pandemie souzesse bei der Staang ze halen? Et kéint ee sech och d'Fro stellen, ob een déi Leit, déi mer mam Gesetz deemools am Fréijoer rekrutéiert haten, net hätt weider kënnen an der Schoul mat abannen. Si hätten, zum Beispill bei der Rentrée, de Schüler kënnen individuell an der Klass hëllefen; Stéchuert „Rattrapage“.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, beim Anticipéieren, do muss mer alleguerter nach besser ginn. D'Bierger erwaarde sech vun der Politik, datt se aus Krisesituatiounen léiert a bei enger nächster Kris dann och besser preparéiert ass. Dat ass hei zu Lëtzebuerg zum Gléck a ganz viller Hisiicht de Fall.

An ech wëll och hei eemol der Regierung mäi Respekt soen. Et ass eng enorm Responsabilitéit an ee wansinnegen Drock, mat deem d'Ministernen zanter ganz ville Méint mussen eens ginn. Ech si frou, datt si nach net pandemidd sinn, mee ëmmer um Dill.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **Mme Francine Closener (LSAP).** - Här President, mir hunn an de leschte Méint an elo just och nees vun der Penurie an de Gesondheetsberuffer geschwat. Mir kënnen eis et net leeschten, datt dat esou bleift. Mee mir wëssen och, datt et an der Educatioun u Leit feelt, och onofhängeg vun der Pandemie. Och hei kënnen mer eis eng Penurie à terme net leeschten, well och d'Educatioun ass systemrelevant.

Dat gesot, Här President, ginn ech natierlech den Accord vu menger Fraktioun fir dës Projet de loi.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Closener.

Da wier et un där honorabler Madamm Djuna Bernard. Madamm Bernard, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Djuna Bernard (déi gréng).** - Merci, Här President. Erlaabt mer, dem Rapporteur virewech e ganz grouse Merci ze soe fir seng schnell an effizient Aarbecht an awer och déi vill wichteg a gutt Erklärungen, déi en eis bei sengem Rapport scho ginn huet.

„Et ass d'Responsabilitéit vun der Gesellschaft, de Jonken eng seriö Educatioun ze offréieren, vun där se e Liewe laang profitéieren“, esou gouf an engem Commentaire um 100,7 haut gesot. D'Schoulen, mee och d'Betreiungsstruktur mussen funktionsfäeg bleiwen. Eis Kanner a Jugendlech mussen weider kënnen an d'Schoul goen. De Kollateralschued, wann dat net de Fall ass, wäert immens grouss sinn, wa mer dat net kënnen assuréieren.



Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens :
Luxemburger Wort, Tageblatt, Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel :
Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Saisie de texte :
Polygraphic SA, Esch-sur-Alzette

Conception et mise en page :
Espace Médias SA, Esch-sur-Alzette

Concept et coordination générale :
brain&more, agence en communication, Luxembourg

Imprimeries :
Saint-Paul Luxembourg SA
2, rue Christophe Plantin
L-2988 Luxembourg

Editpress SA
44, rue du Canal
L-4050 Esch-sur-Alzette

Homeschooling ersetzt einfach net d'Léieren an der Schoul. Et ersetzt net d'Léiere mateneen an et ersetzt och net d'Léiere vuneneen. Dofir begréisse mir d'Opstocke vum Personal duerch dese Projet de loi. An et ass awer och evident, a meng Virriedner hunn dat och alleguerte schonn ugeschwat, dass Schoul halen och weiderhin ënnert de gréisstméigleche sanitäre Schutzmoosname muss geschéien an datt dës och ëmmer erëm individuell an de Schoulen a Strukturen um Radar gehale gi mussen an evaluéiert musse ginn.

Kolleginnen a Kolleeen, ech hunn en enorme Respekt virun der Aart a Weis, wéi d'Acteuren an der Schoul hiren Alldag meeschteren, wéi Kanner a Jonker an enger Zäit vun Onsécherheet an Ängscht am Moment musse groussginn, wéi Eltere sech Suergen ëm hir Kanner maachen, wéi Enseignanten, ënner schwierigste Contrainten a mat vill Onsécherheeten, e strukturéierten a qualitativen Unterrecht a Programm mussen ubidden a wéi déi verschidde Responsabel fir d'Schoulorganisatioun permanent um Evaluéieren, um Monitoren an um Upasse sinn.

Et ass eng schwéier Zäit fir grousszeginn an et ass eng schwéier Zäit fir ze léieren. Mee Ängscht a Panik bréngen eis do net weider.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **Mme Djuna Bernard** (*déi gréng*).- Schoulen a Betreuungsstrukturen, mee och eis Veräiner, wou eis Kanner a Jugendlech awer nach ëmmer wichteg sozial Mesuren empfänken a vu sozialem Encadrement och kënne profitéieren, bréngen an deser Zäit de Jonken eng enorm Sécherheet.

Ech si ganz frou, dass mer dësen Accord haut als gréng Fraktioun kënne ginn an immens frou, dass dësen Text hei ass, well en assuréiert d>Weiderféiere vun der Schoul, an dat fir dat Allerwichtigst: zum Wuel vun eise Kanner. A loosst eis dat zu kengem Moment bei deser Thematik vergiessen!

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Madamm Bernard.

An da wier et um honorabelen Här Fernand Kartheiser. Nee, den Här Fred Keup. D'ADR-Fraktioun hat keen ageschriwwen, duerfir wousst ech net, wien de Riedner wier fir d'ADR-Fraktioun. Här Keup, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Fred Keup** (*ADR*).- Jo. Villmools merci, Här President. Merci och dem Rapporteur fir all méiglech Erklärungen.

Dir Dammen an Dir Hären, et ass keng einfach Situatioun. Et ass och besonnesch keng einfach Situatioun fir déi, déi um Terrain sinn. A mir wëllen deene Leit hei e grouse Respekt ausschwätzen, e grouse Respekt fir d'Proffen, d'Léierinnen, d'Schoulmeeschteren, soss Educateuren, all de Leit, déi an der Schoul schaffen, déi hir Aarbecht maachen, och ënner dese schwierige Bedéngungen, an derfir suergen, dass den Unterrecht bestoe bleift.

Ech wëll och e grouse Respekt ausschwätze fir d'Schüler, déi och an enger schwieriger Situatioun sinn. Ech wëll hinne rappeléieren, dass se sollen hir Moosnamen och anhalen. An ech wëll hinne och rappeléieren, dass se sollen esou wäit wéi méiglech sech net ze vill oflenke loosse, sech op d'Schoul solle konzentréieren a weiderhi solle léieren.

Et ass kloer: Et feelt u Personal. Net zulescht, well mer elo 200 Léierinnen hunn, déi an aneren Ëmstänn sinn an déi als gefärdet agestuuft goufen. A mir mussen déi natierlech ersetzen. Allerdéngs solle mer oppassen, dass trotzdeem eng gewësse Qualifikatioun bestoe bleift. Mir kënnen net einfach, ech soen elo emol, Jänni a Männi an d'Schoul bei d'Kanner schécken.

Erlaabt mer duerfir och hei e puer Kriticken!

Déi éischt, dat ass déi, dass eventuell hei Leit an d'Schoul kommen, déi just e Premièresdiplom hunn. Bon, „just“. Dat ass jo schonn eppes, wat der vill net kréien, mee trotzdeem. An do ass och net onbedéngt séchergestallt eleng duerch dee Krittär, dass déi och déi dräi Amtssprooche kënnen. Et gëtt jo och Klasse mat engem spezielle Régime linguistique. An et ass fir eis awer elementar, dass natierlech jiddwereen, deen hei a Lëtzebuerg an der ëffentlecher Schoul Schoul hält, och déi dräi Sprooche beherrscht. Dat ass leider net prezisiéiert nach eng Kéier am Gesetz. A mir hätten eis erhofft, dass dat nach eng Kéier prezisiéiert gi wier. Mir hoffen, dass dat dann awer um Terrain an der Realitéit esou wäert sinn.

Dann hu mer och déi nämmlecht Bedenken, wéi mer se schonn haten - bon, du war ech nach net hei, mee als Partei - am Mee, wéi dat gestëmmt ginn ass och mat den A- a B-Gruppen. Hei kënnt nach eng zousätzlech Schwieregkeet derbäi. Mir huelen hei Leit, déi e Premièresdiplom zum Beispill hunn, déi nach ni Schoul gehalen hunn. Mir setzen déi elo virun eng Klass. Dat war bei A- a B-Gruppe vläicht e bësse méi einfach, well do hate se just eng hallef Klass a si konnten och déi eng Woch da just Widderhuelunge maache vun där Woch virun, während se hei dann eng Klass an där voller Stärkt viru sech sëtzen hunn a si mussen de Programm all Woch erëm nei opstellen. Et ass also eng schwierig Situatioun.

Et gëtt eng Partie aner Bedenke ganz sécher nach, wéi dat um Terrain duerno ofleeft. Ech ginn do zum Beispill hei d'Situatioun, dass eng Persoun vulnerabel ass, déi ass doheem. Eng aner Persoun ersetzt déi an der Klass. Gëtt et do eventuell e Zesummeschaffen? Wien ass am Endeffekt responsabel, dass de Programm zum Beispill an der Klass dann duerchgefuert gëtt, esou wéi et virgesinn ass? Bon, ech hoffen, dass dat dann och iergendwéi um Terrain vun de Leit esou ëmgusat gëtt, dass et klappt.

Dann ass et esou, dass ee sech och froe kann, firwat een net hei an deser Situatioun op dat ganz villt Léierpersonal zrëckgräift, dat am Moment detachéiert ass, sief et um SCRIPT oder soss iergendwéi Stonnen net muss halen, well et un iergendwelleche Projekte schafft? An enger Noutsituatioun wéi deser kéint een déi Leit vläicht huelen an erëm op den Terrain setzen. Dat si jo och normalerweis Leit, déi ganz vill Erfahrung hunn an déi wëssen, wéi et geet. Dann hätt ee vläicht en Deel do ersat.

Da mengen ech och, dass et besser gewiescht wier, wéi och scho gesot ginn ass, wann ee sech méi fréi op dës Situatioun virbereet hätt, wann ee schonn am Summer gesinn hätt: „Jo, et kéint awer zu engem Enkpass kommen“, ech mengen, dat war och virauszegesinn, a vläicht da scho Leit am September hätt kënne virbereeden an uléieren, fir dann anzespriechen, wann et néideg ass. Sou wéi et dann am Moment ass.

Bon, elo ass d'Bëttschel quasi fett. D'Kand läit bal am Pëtz. Soe mer emol, mir musse kucken, dass mer iwwert d'Ronne kommen. A well mer mussen iwwert d'Ronne kommen, si mer och gär bereet, dann dëst Gesetz, obwuel et fir eis net immens gutt ass, trotzdeem matzestëmme, well mer déi Leit brauchen.

Erlaabt mer dann nach zum Schluss e klengt Wuert zu eppes, wou bis elo nach, mengen ech, net driiwer geschwat ginn ass. Mir schwätzen iwwert de Lycée, mir schwätzen iwwert d'Primärschoul, et gëtt awer och nach - dat betrëfft zwar net vill Schüler - de BTS. De BTS gehéiert zum Ministère de l'Éducation supérieure, ass awer an de Lycéeën. An do stellt sech d'Fro, ob am Fong elo, wéi d'Uni och, d'Kanner vun doheem aus mam Computer kënnen um Cours deelhuele, oder ob se mussen, wéi déi am Lycée, weiderhin an d'Schoul, an de Lycée goen? Voilà!

Ech soen lech Merci.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Keup.

Da wier et um honorabelen Här David Wagner. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- Merci, Här President. Bon, et ass eng Lapalissade, fir ze soen, datt d'Schoul e Minnefeld ass, soubal et op jidde Fall och am politesche Spektrum zur Diskussioun kënnt. Et gëtt keng absolutt Léisung, mee trotzdeem gëtt et awer eng ganz Rei Remarken, déi ee muss maachen.

Am Confinement hu mer jo eng Rei Mesurë mussen huelen. Dat ware Mesure-d'urgencen, déi mer hu mussen huelen an déi mer och gedroen hunn. An deen heite Projet de loi ass u sech erëm eng Kéier eng Repetitioun vun deene Mesuren, déi mer viru fënnef, sechs Méint hu mussen huelen, fir iwwerhaapt d'Funktioniëre vun eise Schoule kënnen ze sécheren.

Mir haten dat deemools selbstverständlech ënnerstëtzt. Mir wäerten dat haut och erëm eng Kéier matstëmme. Allerdéngs muss een awer soen, wa mer viru sechs Méint déi Mesuren hu mussen en toute hâte huelen, datt an der Tëschenzäit fënnef, sechs Méint vergaange sinn. An do stellt sech d'Fro, wéi se sech och iwwerhaapt an anere Beräicher stellt - well een awer deen Androck huet -, ob d'Regierung, an an deem heite Fall den Éducationministère, net esou richtig domadder gerechent hätt, datt eng zweet Well kéim. Kee war 100%eg sécher, dass et esou wäit kéint kommen, mee et huet ee mussen domadder rechnen.

An do muss ee sech awer d'Fro stellen, ob innerhalb vun deene sechs Méint ... Do kann een natierlech keng Wonner bewierken, mee eng ganz Partie Froe waren net kloer. An et ass net nëmme déi Lénk, déi dat hei op deser Tribün seet, mee dat sinn awer och Saachen, déi immens vill Leit vum Terrain a vun de Gewerkschafte soen. Ech ginn dovunner aus, datt déi Leit eppes dovunner kennen.

D'Fro vum Personalopbau, deen een hätt kënnen ënnerhuelen. Ass do eppes geschitt an deene sechs leschte Méint? Wat ass geschitt mat der Adaptatioun vun de Schoulprogrammer, falls et erëm eng Kéier zu enger Well kënnt, y compris wat den digitale Volet ugeet? Wat ass geschitt um Niveau vun der Planifizéierung vun der Betreierung vu Schüler, déi verschidde Schwieregkeeten hunn, a vu Schüler, déi sozial benodeelegt sinn? Wat ass do geschitt? Wat ass do geplangt ginn, falls eng zweet Well kéim? Vlächit kënnt och nach eng drëtt? Ech hoffen dat net, keen hofft dat. Mee wat ass do an der Tëschenzäit geschitt?

Vill Léierpersonal war krank, war a Quarantän. An déi si scho laang net méi ersat ginn. Dat ass och dat, wat een héiert vu Gewerkschaften, déi dat awer soen. Schüler hu mussen op verschidde Klasse verdeelt ginn. Wat geschitt mat de Leit, déi d'Cours-d'appuie ginn? Déi d'Cours-d'accueille ginn? D'Assistant-pédagogiquen hu mussen asprangen, fir ze ersetzen. Déi hunn dann op där Plaz gefeelt. Natierlech, wa mir dat heite Gesetz stëmme, wäert sech déi Saach berouegen; hoffe mer. Mee trotzdeem hu mer gemierkt, datt an deene leschte Méint sech do net vill geännert huet.

An da stellt sech d'Fro iwwerhaapt, déi éischt Reserv, déi mer haten - well et huet ee wierklech dann den Androck, datt mer net dovunner ausgaange sinn, datt eng zweet Well kéim - Firwat sinn déi verschidde Leit, déi natierlech kënnen och aner Aktivitéiten hunn, mee déi, déi wollten an déi, déi Loscht haten, oder déi, déi wollten, firwat konnten déi net méi laang och erëm agestallt ginn, fir och weiderhin direkt kënnen asetzbar ze sinn an och nach weiderhi kéinte forméiert ginn?

D'autant plus, leider, well, ech mengen, si maachen dat vlächit aus Iwwerzeegung, mee et sinn der awer och vill, déi souwisou och eng sécher Aarbecht sichen an déi mat enger gudder Formatioun déi Aarbecht kënne maachen.

Ech erënneren drun, dass mer awer viru Kuerzem vum Statoc gesot kritt hunn, datt de Chômage net wäert erofgoen, mee erop. An dat sinn nach déi ganz optimistesche Previsiounen: 8 %, 8,5 %. Dat sinn déi Zuelen, vun deene geschwat gëtt.

An dann, wat ech einfach net verstinn, mee mir soen dat systematesch, permanent, all Kéiers, wa mer iwwert d'Bildung schwätzen: Firwat schwätzt de Bildungsministère net mat de betraffene Leit? Wat fir eng Hybris herrscht do um Aldringer, fir ze mengen, et kéint een alles eleng maachen?!

Dach, ech weess, duerno seet den Här Meisch: „Dach, mir schwätze mat de Leit!“ Ech schwätzen duerno mat de Leit, mat de Gewerkschaften, déi soen: Nee! Héchstens gi se agelueden a se kréie gesot, wéi d'Saach soll lafen. Dat ass awer keen Dialog. Da brauch ee se emol guer net anzulueden. Da kann een och iwwer Pressecommuniqué funktionéieren.

An et si souguer Gewerkschaften, déi de Ministère selwer kontaktéieren a soen: „Hei, mir wëllen hëllefen.“ Dat heescht net onbedéngt, datt all Propos vun der Gewerkschaft vlächit gutt ass. Mee déi mussen eemol de Ministère kontaktéieren, zweemol, dräimol, véiermol! Et kënnt heiansdo emol guer keng Äntwert. Y compris am Beräich vun de Besoins spécifiques. Ech hunn héieren, datt do och de Ministère sech net wëllt hëllefe loosse vun de Leit, déi um Terrain sinn a soen: „Mir si bereet matzemaachen.“

An da komme mer ...

(*Interruption*)

Jo, ech wäert natierlech erëm eng Kéier gesot kréien: „Dat stëmmt net!“ Mee et ass déi sechste Kéier. An all Kéiers kréien ech awer vun deene Leit gesot, ganz kloer, datt keng Reaktioun oder keng richtig Reaktioun kënnt. An ech wëll dat, éierlech gesot, net méi héiere vum Aldringer, vum Ministère de l'Éducation nationale, datt do eng ganz gutt Kooperatioun leeft, well ech soe ganz einfach, ech gleewen dat net méi!

Dofir mengen ech awer och, datt et un der Zäit wier, datt de Ministère esou eng Aart Bildungsdesch mécht mat alle betraffene Leit - mat alle betraffene Leit: mat de Schülervertrieder, mat den Elterevertrieder, mat de verschiddene Gewerkschaften -, fir iwwerhaapt kënnen aus där Kris zesummen erauszekommen an déi Leit och eescht ze huelen. Et wier iergendwann eng Kéier emol e Fortschrëtt. Well dat geschitt, souwäit ech weess, net. An da kënne mer vlächit och besser Léisunge fannen.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Wagner.

Leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Här President, léif Kolleginnen a Kolleeen, ass een, just well ee selwer schonn eng Kéier eng Schoul vu banne gesinn huet, e gudder Pedagog? Warscheinlech net. Et gi sécher e puer Leit, déi mat gewëssen Talenter fir e bestëmmte Beruff gebuer ginn. Mee fir déi meescht ass et eréischt eng propper Ausbildung, déi een op de berufflechen Alldag préparéiert an domadder och ausstatt, fir dësen Alldag ze meeschteren.

Dee kuerze Stage vu véier Wochen, dee bis ewell néideg war, fir dierfen am Fondamental viru Schoulklassen ze stoen, war sécherlech ni eng vollwäerteg Ausbildung, mee et war awer ëmmerhin emol eng Fortbildung.

Mat dësem Gesetz sollen elo bis um Enn vum Joer awer kënne Leit de Poste vun Enseignanten iwwerhuelen, ouni derfir ausgebilt ginn ze sinn an ouni datt se am Virus an engem Stage hir Aptitude fir de Beruff gepréift hätten.

Ech wëll lech d'Iwwerraschung net huelen, léif Kolleginnen a Kolleeen, mee mir wäerten dësem Gesetz net zoustëmme. Den droende Personal-mangel am Bildungssecteur, deem dëst Gesetz verschëlt ass, kouw alles anescht wéi onerwaart. De Minister wëllt eis zwar gleewe loosse, datt een all déi aktuell Ausfall net hätt kënne viraussoen. Mee wéi kann et sinn, datt eng Fro, déi sech all Schoulmeeschter an all Joffer iwwert de Summer gestallt huet, nämlech d'Fro, wéi et an de Schoulen am Wanter mat enger Covidwell weidergoe soll, eise Ministère elo iwwerrascht?

Firwat gouf net schonns vill éischter zousätzlecht Personal rekrutéiert, wat da virum Asatz um Terrain nach hätt kënne forméiert ginn? Firwat gesäit e ganze Sektuer während Méint eng Katastroph kommen, während de Minister dovun näischt matkritt an einfach emol alles op sech zoukomme léisst?

(*Interruption*)

Déi aktuell Noutlag bréngt eis elo an eng Situatioun, an där mer eis entscheede mussen, ob mer wëllen, datt eis Kanner vu Persounen eduquéiert ginn, déi keng Formatioun hunn an am Virfeld och net op pedagogesch Kompetenzen iwwerpréift gi sinn, oder datt Klassen temporaire mussen zougemaach ginn, well et u Personal feelt. Ech mengen, Pescht a Cholera ass do den treffenden Ausdruck.

Ma ech soen lech ganz éierlech: Ech kann et awer besser mat mengem Gewësse vereebaren, datt am Fondamental Klassen temporaire, dat heescht während e puer Wochen, doheemleiwien an do mat hire Famillje léieren a spillen an digital mat der Schoul verbonne bleiwien, bis en Ersatzschoulmeeschter oder eng Ersatzjoffer vu véier verschiddenen Enseignanten aus véier verschiddenen Zyklen ugeléiert a bewäert ginn ass, esou wéi dat bis elo jo de Fall war.

Muss wéinst engem Congé de maternité eng Titulaire vun enger Klass an der Primärschoul ersat ginn, da soll et mat dësem Gesetz méiglech ginn, datt hir Klass bis zum Enn vum Joer vun engem neie Chargé iwwerhollt gëtt, dee keng pedagogesch Formatiounen an och emol net e Stage an enger Schoul gemaach huet. Dann ass eng Persoun ouni Ausbildung op eemol responsabel, fir enger ganzer Klass Liesen, Schreiwen a Rechne bäizebréngen. A wa se dat net gutt mécht, jo, da kann een net vill maachen.

Dat Schlëmmst heibäi ass schliisslech, datt d'Schoulen opgrond vun de Contrats à durée déterminée, déi mam Ministère ënnerschrifwe goufen, näischt maache kënnen, wa se feststelle sollten, datt ee vun hiren neie Chargéi wierklech Problemer hätt, den Ufuederung vum Beruff gerecht ze ginn. Si kënne just waarden, datt de Kontrakt ausleeft. Soulaang et also net zu enger Faute grave kënnt, wäert kee gekënnegt kréien. Wat de Schoulen dann nach bleift, ass d'Méiglechkeet, esou Persounen vun



engem Posten op deen nächsten ze schiben an der Hoffnung, datt néierens een ze grousser Schued entsteet. Mee dat ass natierlech och alles anescht wéi zefriddestellend.

Mir fannen et dofir onverantwortlech vis-à-vis vun de Kanner an och vis-à-vis vum Léierpersonal, wat sech duerno ëm déi nei Chargé wäert këmmere mussen, d'Virussetzung vun engem eigentlech souwisou schonns vill ze kuerze Stage elo ganz sträichen ze wëllen. Dat ass, mengen ech, ze kuerz gekuckt. Da wär et besser, den Drock aus dem System ze huelen an d'Schoulen temporaire nach eemol zouzemaachen an den Unterrecht à distance erëm zum Asaz kommen ze loosse, während neit Personal forméiert ka ginn.

An ech wëll domat guer net soen, datt ech mengen, datt alleguerten déi Leit, déi elo solle rekrutéiert ginn, komplett inkompetent wäeren. Op kee Fall! Mee ouni kuerz Formatioun an ouni Stage, deen ee mat enger Mindestleschtung bestoe muss, kann einfach net ausgeschloss ginn, datt mer Leit an eisen Educationssystem eraloossen, déi net fir dese Beruff gemaach sinn.

Ech weess, datt de Minister ëmmer esou schéi seet, datt als Éischt natierlech wäerte Leit rekrutéiert ginn, déi e Bachelor an de Sciences de l'éducation hunn. Dat héiert sech gutt un. Mee wéi vill Leit kënnen dat da scho sinn? Wéi vill Leit, léif Kolleginnen a Kollegen, déi net Enseignant sinn an och net zum aktuelle Pool vun de Suppléantë gehéieren an awer en Diplom an de Sciences de l'éducation hunn an och eigentlech an enger Schoul schaffe wëllen, mee fir dës Rentrée iergendwéi net rekrutéiert goufen, gëtt et dann?

Sécher net genuch, fir dem aktuelle Besoin vun deem Gesetz vun 300 Plein-temps gerecht ze ginn. Mir kommen also net derlaanscht, Persounen ouni pedagogesch Ausbildung mat engem Secondaireschloss ze rekrutéieren. E Minimum u Formatiounen an e Stage, während deem d'Kandidaten iwwerpréift kënnen ginn, ass dann awer eng Mindestvirussetzung. Dofir kann ech den Accord vun de Piraten zu deem Text haut leider net ginn.

Ech soen lech villmools Merci.

■ **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Ganz gutt!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Educationsmminister Claude Meisch.

Prise de position du Gouvernement

■ **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, merci och allen Intervenanten, wou ech mengen, datt mer eis alleguerten dem Eescht vun der Situatioun bewosst sinn, déi d'Covidkris och de Schoulen operleet.

An ech soen och Merci fir déi Unanimitéit, vläicht net zu deem Text, mee awer zu der Approche, datt d'Schoul dat ass, wat eigentlech als Lescht dierf zougoen, als Lescht dierf a Fro gestallt ginn, datt d'Éducation vun eise Schülerinnen a Schüler, egal ob se am Precoce sinn, am Fondamental sinn, am Secondaire oder wéi e Wee datt se ëmmer agechloen hu bis elo, datt mer alles mussen drusetzen, fir datt mer eng Kontinuitéit do kënnen garantéieren.

Et sinn eng ganz Rei vu Propose komm. Proposen, déi zum Deel net nei sinn. Proposen, déi mer schonn diskutéiert hunn, déi mengen ech, sécherlech och utile sinn, déi mer och an eenzelnen Aspekter schonn agesat hunn, déi mer am Tirang hu fir dann, wa mer se brauchen. Et sinn awer och Propose komm, déi mengen ech, manner praktikabel sinn. Well déi einfach Léisungen, déi mer och elo nach grad hei vu mengem direkte Virriedner héieren hunn, déi vläicht gutt hei kléngen, déi ginn awer net. Fir ze mengen, mir schécken elo emol einfach d'Kanner heem, well mer offensichtlech net genuch Enseignanten an der Schoul hunn, an da kënnt iergendeen, anscheinend gëtt et jo keen an der Schoul, mee iergendeen aneren dann, deen hält dann Enseignement à distance. Jo, dee gëtt et awer net. Wou dee soll hierkommen, dat hutt Der ver-giess, eis ze erklären, Här Clement. An duerfir ...

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Dat si jo déi Vulnerabel, Här Minister.

■ **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- An duerfir, denken ech, solle mer hei schonn oppassen, wat nëmme gutt kléngt, mee wat awer op där anerer Säit dann och praktikabel ass a wierklech eng Léisung an dëser prekärer Situatioun kann duerstellen.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- Mir hu bis haut eng Situatioun gehat an de Schoulen, wou mer de Gros vun de Klasse konnten assuréieren, well mer eis och préparéiert hunn op déi Rentrée an op dat, wat duerno kënnt. Mir hunn extra Contingente rekrutéiert fir zousätzlech Ersatzpersonal am Fondamental. Mir hu fir dat neit Léierpersonal fir dës Rentrée 2020/2021 zousätzlech Contingenten an de Stage geholl par rapport zu deem Joer virdrun. Mir hunn och all déi Poste besat kritt.

Mee natierlech kënnen mer net alles virausgesinn. Datt zum Beispill schwanger Fraen op eemol vulnerabel erkläert goufen an net méi virun enger ganzer Klass kënnen ënnerriichten, war net viruszege-sinn. De Gilles Baum huet et virdu gesot, wat d'Enver-gure dovunner ausmécht. 200 Enseignanteën am Fondamental, déi quasi vun haut op muer, no-deems se de Reportage op der Télee gesinn hunn, sech gemellt hunn a gesot hunn: „Elo muss ech hei eng aner Aufgab iwwerhuelen.“ An déi ware virun der Klass ze ersetzen.

Et gëtt Quarantänen, wou Enseignantë betraff sinn. An dat huet grouss Repercussiounen op de Fonctionnement vun de Schoulen. Et gëtt Enseignanten, déi krank sinn, déi och positiv getest sinn oder, wéi mer et all Joer an ëmmer erëm a permanent hunn, sech aus aneren Ur-saache musse krankmellen. An duerfir musse mer eebe kucken, datt mer hei eng Kontinuitéit vun den Aktivitéiten an der Schoul esou gutt wéi méiglech kënnen hirstellen.

Duerfir gi mer eis hei déi zwou Méiglechkeeten, déi ganz kloer differenzéieren an déi der Schoul, wéi se bis ewell fonctionéiert huet, an dem Profil vun deenen, déi haut an der Schoul intervenéieren an eigentlech quasi déi selwecht Aufgab maachen, entsprechen. Et gëtt hei keen Downgrade vun de Qualifikatiounen, fir an der Schoul ze intervenéieren. Well mer sichen hei zousätzlech Personal, fir am Fondamental ze ersetzen. An de Minimum, deen een do muss hunn, dat ass genau dee Minimum, deen een och brauch, fir eeben haut och kënnen an de Stage fir Ersatzpersonal eranzekommen.

A mir sichen am Secondaire net Personal fir ze ersetzen - déi Nuance ass eigentlech hei an der Diskussioun zimmlech ënnergaangen -, mee mer sichen do Personal fir ze surveilléieren. Well de Prinzip do ass, datt, wann den Enseignant an enger Quarantän ass, en à distance dann, well da gëtt et en nach ëmmer, Här Clement, da muss en net iergendwou vum Himmel falen, da gëtt et en nach ëmmer an da kann en enseignéieren, awer vun doheem ...

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- An déi Schwanger am Fondamental, déi verschwannen, oder wéi?

■ **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- ... awer vun doheem aus enseignéieren. An da brauche mer e Surveillant am Sall, fir dat ze maachen. An do ass dann d'Qualifikatioun déi, déi eigentlech och haut gefrot ass, fir genau déi doten Aufgab ze iwwerhuelen.

Ech wëll vläicht kuerz nach eng Kéier op d'Situatioun agoen, wéi de Covid sech presentéiert bei deene Jonken. Well ech wëll nach eng Kéier ënnersträichen, datt de Covid present ass an der ganzer Populatioun, datt en och déi Jonk touchéiert. Datt déi Explosioun, déi mer an deene leschte Wochen haten, awer daitlech manner déi Jonk touchéiert huet wéi de Rescht vun der Populatioun.

Ech maache mer awer do keng Illusiounen, well mir sinn alleguerte mateneen a Kontakt. An doheem an de Familljen, do kommen d'Generatiounen beieneen, soudatt mer och an deenen nächste Woche méi warscheinlech wäerten eng Augmentatioun vun de positive Fäll bei deene Jonke mieren.

Et ass jo elo virun allem déi Alterskategorie tëschent 20 a 50 gewiescht, wou mer d'Explosioun vun de positive Fäll haten. Besonnesch tëschent 30 a 50. D'Elteregeneratioun eigentlech vun den haitege Schüler. A mir sollen emol dovunner ausgoen, datt dat sech och wäert bemierkbar maachen an deenen nächste Wochen, wa mer da mussen de Bilan zéien, wéi vill Jonker mer positiv getest hunn a wat dat dann och erëm eng Kéier fir Repercussiounen op d'Schoulen huet.

Mir hunn - dat kann ee gleewen oder net, mee et ass eigentlech keng Glawensfro, well et fir all Fall am Detail gekuckt gëtt tëschent Leit vun der Éducation nationale a Leit vun der Santé -, mir hu ganz weineg Infektiounskette gehat. Dovunner ware bis déi lescht Woch aacht Schüler respektiv Enseignantë betraff an eenzelne Schoulen. Mir hunn iwwerschaubar vill Fäll gehat, wou ee kann dovunner ausgoen, datt eng Infektioun an der Schoul stattfonnt huet, wou et awer nach ëmmer net esou muss sinn. Dat waren der 207.

A mir hunn e Multipel dovunner u Fäll gehat, wou een dovunner muss ausgoen, datt d'Infektioun eeben net an der Schoul stattfonnt huet, ganz einfach, well am direkten Ëmfeld vun deem Schüler oder vun deem Enseignant oder deem Educateur oder deem technesche Personal an der Schoul keen anere positive Fall opgetaucht ass a mer duerfir dovunner ausginn, datt et eeben éischer ausserhalb vun der Schoul iwwerdroe ginn ass.

An dat analyséiere mer permanent. An dat ass och eng vun de Basé vun deem Stufemodell, dee mer virun der Rentrée en place gesat hunn. E Stufemodell, dee ganz flexibel kann op eenzel Situatiounen reagéieren. A mir reagéieren och Dag fir Dag, well Dag fir Dag gëtt de Bilan gemaach. Dag fir Dag gëtt gekuckt, wou mer mussen déi eng oder déi aner Mesure upassen.

A bis ewell schaffe mer ganz staark mat de Mesuré vun de Quarantänen, selbstverständlech. Mir schaffen awer och mat ganz ville Schüler an Enseignanten, déi getest ginn. A mer wëssen, datt dee Stufeplang nach ganz vill aner Mesuré beinhalt, déi kënnen och zu all Moment gezu ginn, wann et dann noutwendeg ass. Mee bis ewell, an dat ass net eng politesch Decisioun, bis ewell war et net noutwendeg, well ech nach net eng Mesure recommandéiert kritt hu vun där Cellule, déi all Dag zesummen d'Analys mécht vun der Éducation nationale an der Santé, déi mer dann och net geholl hätten.

Momentan ass dat, wat mer um Terrain spieren, virun allem den organisatoreschen Opwand, fir dat doten alles ze encadréieren. An dat Beispill aus engem Lycée, aus enger Schoul aus deene leschten Deeg, wou d'Schoul komplett eigentlech hire Presenzbetrib huet missen zoumaachen an à distance enseignéieren, well eng eenzeg Persoun, déi an der Administratioun vun där Schoul geschafft huet, positiv getest ginn ass, an duerch d'Quarantäne vun Enseignanten, mat deene se a Kontakt war, déi ganz Schoul eigentlech net méi en présence konnt fonctionéieren an duerfir ganz schnell eeben op den Homeschooling ëmgewicht goug.

Ech kann lech soen, an, ech mengen, et war jo och haut schonn an der Press, haut de Mëtten, all déi concernéiert Persoune goufe getest. Se si glécklecherweis alleguerten negativ. A muer de Moie kann d'Schoul erëm ganz normal weiderfunktionéieren. Mee dat weist, wéi vulnerabel de Schoulbetrib och ass par rapport zu ganz weinegen Infektiounen. An et ass net esou, datt déi Schoul do huet missen à distance goen, well de Virus net ënner Kontroll war. Well bis haut waren et just dräi Persounen, déi positiv getest goufen: déi eng an der Administratioun an zwee an der Schoul, also Schüler. A méi war eigentlech do vum Virus bis ewell guer net ze bemierken.

An ech wëll hei vun der Geleeënheet profitéieren, fir eng Kéier e grousser Merci ze soen un all déi, déi dat doten am Alldag maachen. Vun deenen, déi vun eis a vun der Santé probéieren, de genaue Screening ze maachen a Statistiken ze féieren, fir datt mer permanent wëssen, wou mer a wat fir enger Schoul dann och dru si mam Virus, wéi e present ass, a fir datt mer kënnen reagéieren, bis hin zu deenen, déi an der Schoul déi Viraarbecht do maachen, a bis hin zu deenen, déi an der Schoul probéieren, dat dann och all Dag erëm eng Kéier aneschtens en place ze setzen. Dat ass eng Heedenaarbecht.

A gleeft mer, fir keen hält momentan d'Schoul op, wann d'Schell geet. Mee da geet eigentlech eng zweet Schicht eréischt richtig un. An duerfir e ganz, ganz grousser Merci! Well all déi, déi maachen et, fir datt mer d'Schoul weider kënnen, esou wäit wéi et dach iergendwéi geet, esou wäit de Virus et eis iergendwéi erlaabt, op halen.

Ech hu mer, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Motioun vun der CSV och ugekuckt. An do sinn eng ganz Rei vu Proposen dran, déi mer sympathesch sinn. Et sinn eng ganz Rei vu Proposen dran, déi mer bekannt sinn, well se Deel vum Stufeplang sinn, well et déi Mesuré sinn, déi mer permanent am Tirang nach leien hunn, fir se kënnen, wann

et misst sinn, op nationalem Plang, fir se, wéi et éischer warscheinlech indiquéiert ass, op lokalem Plang an enger Grondschoul, vläicht an enger Gemeng, an enger Region oder an engem Lycée da kënnen all Moment ze imposéieren.

An et ass jo net, wéi wann do näischt geschitt wär. Hei ass et e bësse vun eenzelne Riednerinnen a Riedner awer duergestallt ginn, wéi wann d'Schoule géifen normal fonctionéieren, esou wéi se virun engem Joer och fonctionéiert gehat hätten, wéi wann et de Covid net géif ginn. Also do invitéieren ech awer elo emol eng Kéier wierklech jiddweree vun lech ... Jo, et kënnt een net esou einfach an d'Schoulen eran, mee et wär awer vläicht utile, dat doten einfach emol behaapt, eng Kéier kucken ze goen oder op d'mannst mat wierklech engem ze schwätzen, dee momentan an der Schoul schafft oder an d'Schoul geet. Well déi wäerten lech eppes ganz aneschtens do kënnen zielen.

Dir Dammen an Dir Hären, vun 42 Lycéeën, effentlechen a privaten, sinn der 38, déi eng Maskepflicht hunn. An net nëmmen esou, wéi mir et virschreien, mee och nach am Unterrecht. Firwat musse mer dann elo deenen anere véier Lycéeën, déi dat dote bis elo net decidéiert hunn, firwat musse mir deenen dat dann elo virschreien?! Well ech hu vollst Vertrauen, Dir Dammen an Dir Hären, datt déi Direkteren, mat hiren Enseignanten, mat hir Schülerkomiteeën an hiren Elterekomiteeën do fir déi Lycéeën an hirer aktueller Situatioun, wou se momentan sinn, eng besser Decisioun kënnen huelen, wéi wa mir hei géife mengen, et misst fir all Schoul d'selwecht sinn.

Ech hunn d'lescht Woch mat all den Direkteren eng Videokonferenz gehat an do gesäit een, wéi ënnerschiddlech déi Situatiounen dach awer do si vu Schoul zu Schoul. Wou deen een Direkter mer seet, en hätt bis elo siwe Fäll gehat vu positive Schüler oder Enseignanten, an een anere mer seet, en huet der quasi siwen den Dag.

Ma dat muss eis dach interpelléieren! An da kënnen mer dach net déi eng Schoul esou behandeln ewéi déi aner. An da solle mer dach der Schoul déi doten Autonomie ginn. An ech denke wierklech, datt déi Leit do déi richtig Decisiounen huelen, am Interessi vun de Schüler an am Interessi och vun der Gesondheet vun all den Enseignanten.

■ **Mme Françoise Hetto-Gaasch** (*CSV*).- Et geet ëm de Fondamental, net ëm d'Lycéeën.

■ **Mme Martine Hansen** (*CSV*).- Déi zwee.

■ **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- Dir wëllt also och nach am Fondamental, hunn ech gelies, eng Maskepflicht maachen? Schwätzt och do emol eng Kéier mat de Leit um Terrain! Déi soen lech, wat se dovunner wäerten halen. A kuckt lech och emol d'Chifferen u vun Infektiounen! Kuckt lech wannechgeleft emol eng Kéier d'Donnéen un! Wann Der de Chiffere vun der Éducation nationale net gleeft, da kuckt lech déi vun der Santé un!

Da kuckt Der lech emol un, wéi weineg Leit am Alter vun der Grondschoul iwwerhaupt infizéiert sinn! An da soen ech nach net do derbäi, datt se an der Schoul infizéiert goufen. Also, da muss ee sech awer vläicht emol d'Fro stellen, ob dat doten eppes ass, wat net vläicht d'Schoulhalen ze vill aschränkt an d'Léieren ze vill aschränkt par rapport zu deem, wat een un zousätzlecher Sécherheet kéint kréien.

Déi Mesure, fir op den ieweschte Klassen am Lycée zum Deel op Distanz ze goen, ass mer och ganz sympathesch. Se ass Deel vun eise Stufepang! Et ass genau dat, wat mer de Lycéeën zanter der Rentrée proposéiert hunn. Wann e Problem ass a wa si e Problem bei sech an der Schoul gesinn, da solle se dat dote maachen! An et ass genau déi Mesure, wou mir eis natierlech d'Recht virbehalen, zu all Moment, wa mir e Problem gesinn oder wann d'Santé e Problem gesäit, déi Mesure punktuell ze imposéieren.

Mee och do soen ech lech erëm eng Kéier, datt ech vollst Vertrauen an déi Direktiounen an an hir ganz Ekippen an der Schoul hunn, déi bis elo decidéiert hunn, dat doten nach net ze maachen.

Ech soen lech awer och, datt ech fest dervun iwerzeegt sinn, datt dëst Schouljoer net op en Enn wäert goen, éier mer och Schoule wäerte gehat hunn, wou dat dote wäert applizéiert gi sinn. An ech bleiwen der Meinung, datt mer et nawell sollen esou handhaben, datt mer et ugepasst un déi jee-weileg Situatioun an der Schoul maachen. Wa mer wëllen eise Motto gerecht ginn, dem Virus esou mann wéi méiglech Plaz ze loosse, fir der Bildung esou vill wéi méiglech Plaz ze loosse, da solle mer och esou vill wéi méiglech Plaz loosse, d'Schoul normal kënnen stattfannen ze loosse an net do, wou et net noutwendeg ass, awer schonn à distance kënnen ze goen.

Ech wäert, Dir Dammen an Dir Hären, déi permanent Cellule vun der Education an der Santé awer elo fir Allerhellegen, well mir hunn elo gutt sechs Woche Schoul hanner eis, nach eng Kéier chargéieren, all déi Mesuren do ze analyséieren, opgrond vun deene Chifferen och, déi mer hunn, opgrond

Le saviez-vous ?

ENQUÊTE PARLEMENTAIRE

L'article 64 de la Constitution réserve à la Chambre le droit d'enquête qui lui confère la possibilité d'entendre des témoins et de consulter des experts pour réunir des éléments d'information sur une question d'intérêt public. La Chambre exerce ce droit par une commission formée en son sein. L'exercice du droit d'enquête est réglé par la loi du 27 février 2011 qui a abrogé l'ancienne loi du 18 avril 1911. La commission, ainsi que son président, peuvent prendre toutes les mesures d'instruction prévues par le Code de procédure pénale.



vun deem Infektioungsgescheeën, wéi et an der Gesellschaft, an der Gesamtpopulation ass, mee wéi et awer och bei deene Jonken ass.

Ech wäert froen, ob et Recommandatiounen gëtt. An ech wäert bieden, déi Mesuren, Madamm Hansen, déi Dir och an Ärer Motioun hei proposéiert hutt, genau ze analyséieren a mer en Avis dozou ze maachen. An da sinn ech absolutt bereet, falls do Mesuren derbäi sinn, déi mer bis elo net um Radar gehat hätten oder déi eng zousätzlech Sécherheet oder eng zousätzlech Plaz fir d'Bildung kënnen schaffen, fir déi dann och ze huelen. Elo, ouni esou Analysen, wäit ewech vun der Realitéit vum Terrain an net baséierend op déi reell Entwécklung vum Virus an eiser Gesellschaft an an der Schoulpopulation, déi einfach hei ze decidéieren, dat kann ech lech leider net recommandéieren.

Dat gesot, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, soen ech lech Merci och hei fir Är Flexibilitéit, fir deen Text hei erëm ze stëmmen. Et ass en Text, dee mer kennen. Et ass en Text, dee mer virum Summer schonn a Kraaft haten, fir eis bei der Personalgestioun méi Méiglechkeeten ze ginn. Et ass keen, dee mer muer de Moie müssen zéien, well mer net esou an Nout sinn. Mee et ass een, deen eis Méiglechkeete gëtt, iwwert déi nächst Wochen a vläicht souguer Méint kënnen eebe besser d'Schoul ze organiséiere wéi ouni dësen Text.

Duerfir e Merci un Är Flexibilitéit hei am Haus. E Merci och un d'Flexibilitéit an d'Dispositionen an d'Disponibilitéit vum Staatsrot. Et ass genau dat, wat mer momentan brauchen, fir och d'Schoul kënnen op ze halen.

Villmools merci!

■ **Mme Lydie Polfer (DP)**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président**.- Merci villmools dem Här Educationminister Claude Meisch.

An dann direkt Parole après ministre fir den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Sven Clement (Piraten)**.- Merci, Här President. Ech gouf vum Minister interpelléiert mat der Fro, wou ech da géif mengen, datt déi Leit fir den Homeschooling géifen hierkommen. Ma, den Här Minister huet eis am Exposé des motifs vun dësem Gesetz gesot, datt esou vill Leit elo onverhofft als vulnerabel klaséiert goufen an heem müssen an dowéinsder bräichte mer Remplaçanté fir déi.

Ma ech géif him dann äntwerten op seng Fro: Genau déi Leit, déi haut jo onverhofft verschwanne géifen, kéinte jo och den Homeschooling da bedreiwen.

■ **M. Fernand Etgen, Président**.- Merci villmools, Här Clement. Da Parole après ministre fir den Här Fred Keup.

■ **M. Fred Keup (ADR)**.- Jo, villmools merci, Här President. Ech wollt nach eng kéier kuerz nofroen, ob et och méiglech wier, gesot ze kréien, wéi et fir de BTS am Fong ofleef, wat ech gefrot hat a wou awer d'Leit och um Terrain net genoe wëssen elo, wéi se sollen do virufueren.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président**.- Merci villmools, Här Keup. Dann nach den honorabelen Här David Wagner.

■ **M. David Wagner (déi Lénk)**.- Jo. Merci, Här President. Ech hat och eng Fro gestallt. An ech wëllt gär wëssen, wat de Minister dovunner hält. Dat ass einfach déi Fro vum Bildungsdéisch, déi souwisou och scho virun zwee Joer diskutéiert gouf. Ech mengen, et wier elo interessant, grad an der Allerhellegevakanz, fir vläicht och justement eng Fënster fir all d'Leit - d'Schülervertreider, d'Eltervertreider, déi verschidde Gewerkschaften, de Ministère natierlech - zesummenze kréien a fir eng kéier de Point ze maachen. Et wier awer och interessant, hir Meinung ze héieren, fir och vläicht souguer d'Kommunikatiounsschwierigkeeten ze entschärfen. Ech géif gär wëssen, ob de Ministère gewëllt ass, deen Dialog opzehuelen.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président**.- Merci villmools, Här Wagner. Da ginn ech d'Wuert zréck un d'Regierung. Här Educationminister Claude Meisch!

■ **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse**.- Jo. Merci, Här President. Pardon effektiv, Dir Hären Deputéierten, wann ech Är Froen do kuerz iwwersprongen hat. Dat war net meng Absicht.

Zum BTS ass et esou, datt dat ënnert d'Reegele vum Secondaire fält. D'Universitéit huet eng Decisioun geholl. Déi ass och net vum Ministère vum Enseignement supérieur oder vun der Santé komm, mee d'Universitéit huet dat fir sech als Universitéit gemaach. Fir ze soen: „All eis Coursé gi momentan op Distanz assuréiert, awer esou, datt d'Schoul nach ëmmer ënnert dem Regimm vum Enseignement secondaire leeft.“ Wou se natierlech och kënnen op d'mannst en Deel vun de Coursen à distance organiséieren, an där Autonomie, déi ech grad beschriwwen hunn, mee

wou dat awer net imposéiert ass respektiv och net d'Reegel ass.

Zum Sven Clement senger Remark wëll ech awer nach eng kéier soen: Jiddwereen, deen haut vulnerabel ass als Enseignant, deen huet eng Tâche. Do sëtzt keen doheem ze waarden, datt en ugeruff gëtt vun der Éducation nationale, fir ze soen: „Dann haalt elo wannechgelift emol do Homeschooling!“ Déi sinn allegueren agesat, sief et schonn am Homeschooling, sief et am Encadrement vu vulnerabele Schüler, sief et a Préparatioun vum aneren Aktivitéiten. Déi hu mer allegueren aktivéiert! Et ass keen, dee vulnerabel ass, dee momentan näischt ze maachen huet. Dat wëll ech awer preziséieren, well dat huet e bëssen anescht geklongen elo an Ärer Interventioun.

Wat d'Iddi vum Bildungsdéisch ronderëm de Covid ubelaangt, wëll ech lech soen: Ech sinn dës Woch, an ech war et och schonn déi lescht Woch, permanent amgaangen, mat einzelnen Acteuren ze diskutéieren. Ech hunn aus enger Diskussionsronn, déi ech mat all den Direkteren hat, souwuel am Fondamental wéi am Secondaire, vun der leschter Woch hei zitéiert. Ech gesinn dës Woch an déi nächst Woch sämtlech Gewerkschaften aus sämtlechen Ordre-d'enseignements - de Fondamental, de Secondaire, d'Kompetenzzentren - iwwer eng Videokonferenz, fir och nach eng kéier do de Bilan ze zéie vun deem éischten hallwen Trimester vun dësem Schouljoer.

Ech wäert d'national Schülerkonferenz och gesinn. Ech wäert och déi national Elterevertriebung gesinn, fir ganz genau eis do ze echagéieren an dann, wéi ech virdru gesot hunn, och nach eng kéier e Rapport froen, och vun de Gesondheitsinstanzen, iwwert d'Infektioungsgescheeën an de Schoulen an iwwer eis eenzel Mesuren.

An da wäerte mer och an der nächster Woch kucken, wat mer do zesumme kritt hunn an ob et dann duerno zu anere Mesuren oder anere Recommandatiounen wäert kommen. Mir brauchen eigentlech do elo kee Covidbildungsdéisch, well deen hu mer zanter Méint an engem permanenten Echange.

Dat heescht awer net, datt mer eis natierlech iwwer all Fro eens wäerte sinn. Ech ginn lech ee Beispill: Wann ech den Avis vun der nationaler Elterevertriebung liesen, déi hätten och gär eng ganz zentral Ausso vum Minister iwwert d'Masken am Lycée. Déi hätten nämlech gär, datt de Minister eigentlech géif soen: „Do brauch kee Schüler während dem Unterrecht eng Mask unzédinn.“

A wann ech op där anerer Säit d'Enseignantsgewerkschaften liesen, da geet dat genau an déi opposéiert Richtung, datt mir eigentlech missten imposéieren, d'Mask do unzédinn. Mee dat wëllt net heeschen, datt mer net matenee schwätzen, datt mer eis net nolauschten an datt mer net hoffen, datt mer eis awer op eenzelne Punkte wäerte méi no kommen.

Villmools merci!

■ **Mme Lydie Polfer (DP)**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président**.- Merci villmools, Här Meisch. Den Här Wagner freet nach eng kéier d'Wuert.

■ **M. David Wagner (déi Lénk)**.- Merci. Merci fir d'Äntwert vum Här Minister. Et freet mech och, datt dat geschitt. Ech wollt awer just, pour la petite histoire awer, well déi Fuerderung vum Bildungsdéisch, dat ass net just och eng Fuerderung, déi an deem klengen Kapp hei entstanen ass, mee dat war och nach eng Fuerderung, déi haut de Moie selwer vum SEW gestallt gouf.

Den SEW OGB-L fuerdert de Minister op, d'urgence eng grouss Reunion mat alle Beträffenen - Schülervertreider, Eltervertreider, Gewerkschaften a Ministeren - anzeberuffen an op d'Schoulpartner ze lauschten, fir d'Situatioun ze redresséieren a fir ze evitéieren, datt d'Schoul an deenen nächste Wochen am Chaos ënnergeet. Aner Gewerkschaften fuerderen dat och. Mee si hunn dat och nach haut de Moien als Communiqué erausbruecht.

Dat heescht, voilà ... Ech si frou, datt dat geschitt, ënner wat fir enger Form dat geschitt, mee ech stelle mer awer trotzdem d'Fro, awéifern déi Decisioun vläicht och net a leschter Minutt getraff ginn ass. Mee et ass egal, Haaptsaach, et geschitt.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président**.- Merci, Här Wagner. Ech ginn d'Wuert nach eng kéier zréck un d'Regierung. Här Meisch!

■ **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse**.- Also, wa mer esou detailléiert hei wëlle sinn, da wëll ech lech soen, datt d'Invitatioun un den SEW gëschtler erausgaangen ass. Da wonnert et mech schonn, datt de Moien déi dote Fuerderung mat esou engem Communiqué dann awer artikuléiert gouf.

■ **M. Fernand Etgen, Président**.- Merci villmools, Här Meisch. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7688. Den Text steet am Document parlementaire 7688².

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7688 et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen. Duerno maachen ech den Appel nominal fir de Vote par procuration. De Vott fänkt un.

Wien ee Vote par procuration wëllt ofginn, soll d'Hand an d'Luucht hiewen

Appel nominal (votes par procuration)

Domadder ass dës Projet de loi mat 35 Jo-Stëmmen, bei 2 Nee-Stëmmen an 21 Enthaltungen ugeho.

Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7688 est adopté par 37 voix pour, 2 voix contre et 21 abstentions.

Ont voté oui : MM. Guy Arendt (par M. Gilles Baum), André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn (par M. Gusty Graas), Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton (par M. Georges Engel), Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par Mme Josée Lorsché), Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fred Keup) ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non : MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Nancy Arendt épouse Kemp), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz (par M. Léon Gloden), Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Motion 1

Da kéime mer zur Ofstëmmung iwwert d'Motioun, déi deposéiert ginn ass.

Ass nach een, deen d'Wuert zur Motioun wëllt ergräifen? Den Här Sven Clement.

■ **M. Sven Clement (Piraten)**.- Merci, Här President. Eis ass d'Motioun gréisstendeels sympathesch, mat Ausnam vun dem fënneften Invite. An, jo, et ass schued, datt se net nummeréiert sinn, dofir musst Der selwer nummeréieren. Et ass deen éischten op der zweeter Säit, wou et ëm d'Thermalkamerraee geet, déi - esou liesen ech et - automatesch géifen do d'Temperatur vu Leit moossen.

Dat ass fir eis eppes, wat dach relativ orwellianesch ass. An deementspreechend, soulaang dee Punkt dran ass, kënnen mir d'Motioun net matdroen. Falls d'CSV deen awer géif à disposition stellen, da kënnen mir déi Motioun hei matdroen.

■ **M. Fernand Etgen, Président**.- Merci, Här Clement. Da geet d'Wuert un den honorabelen Här David Wagner.

■ **M. David Wagner (déi Lénk)**.- Merci, Här President. Jo, d'Motioun, wéi den Här Clement sot: Si ass eis och sympathesch, déi Motioun vun der CSV. De Problem ass awer deen, bon, do sinn 13 Fuerderungen. Ech mengen, déi allermeescht Fuerderungen sinn de bon sens a sinn interessant. Ob se wierklech all 100%eg gräifen, ass eng aner Saach.

Ech weess et selwer net, éierlech gesot. Ech muss dat soen. D'Maskeflucht, muss een dat wierklech imposéieren, automatesch? Dat weess ech net, dat kann ech net aschätzen. Et si vill Saachen, déi een net kann aschätzen. Quitte datt déi meescht Proposen awer à première vue souguer Sënn maachen. Dofir géife mer eis och éischter enthalten.

Et ass oft de Problem mat Motiounen, déi ganz prezis sinn. Do ass ëmmer e Problem vläicht do. An ech mengen, fir an der Logik ze bleiwen, fir ze soen, datt een och Mesuré muss ergräifen, andeems een och mat verschidde Partner diskutéiert, wat déi mengen, déi um Terrain schaffen, wëllt ech dann och virsiichtshallwer eng Enthaltung recommandéieren.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président**.- Merci villmools, Här Wagner. Da geet d'Wuert un den honorabelen Här Fred Keup. Här Keup, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Fred Keup (ADR)**.- Jo. Merci, Här President. Et sinn eng ganz Partie Saachen, déi wierklech gutt an dëser Motioun sinn a wou et och ganz gutt ass, fir déi eng kéier hei unzeschwätzen, wat awer och scho gemaach ginn ass. Ech schwätzen do vum groussen Problem mam Schülertransport, ech schwätzen och vun der Iddi vun de Loffilteren an de Klassen, an natierlech och vläicht méi transparent an zäitno no bausse kommunizéieren.

Da sinn awer och e puer Saachen, wou mer eis Bedenken hunn. An dat ass effektiv bei, ech mengen, engem zentrale Punkt. Dat ass dee vun de Masken, wou mer eis froen, ob et wierklech elo zum Beispill, ech soen elo e Beispill: Am zweete Schouljoer, e grouss Klassenall, 14 Schüler, déi ausernee sëtzen, muss een do elo wierklech deene Kanner fënnf, sechs Stonnen den Dag d'Mask opzwénge? Ech mengen, dat muss een och vläicht da vu Fall zu Fall awer kënnen ënnerscheeden.

An dann och mam Féiwermoossen, dat gesi mer och relativ schwierig. Dat misst ee jo da virun all Schoul maachen. An dann eventuell: Wat mécht ee mat de Kanner, déi dann e bësse méi eng héich Temperatur hunn? Wéi géif dat da viruogen? Dat sinn also Froen, déi mer eis do nach stellen. Duerfir géife mer eis hei bei dësem Projet (veuillez lire: bei dëser Motioun), obwuel villes natierlech ganz richtig ass, enthalten.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président**.- Merci villmools, Här Keup.

Vote sur la motion 1

Ech mengen, da kënnen mer zum Vott vun dëser Motioun kommen. De Vote électronique ass gefrot.

Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen.

Wien ee Vote par procuration wëllt ofginn, dee soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Appel nominal (votes par procuration)

Domadder ass dës Motioun mat 21 Jo-Stëmmen, 31 Nee-Stëmmen an 8 Abstentiounen ofgeleent.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz (par M. Léon Gloden), Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter.

Ont voté non : MM. Guy Arendt (par M. Gilles Baum), André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn (par M. Gusty Graas), Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton (par M. Georges Engel), Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par Mme Josée Lorsché), Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue.

Se sont abstenus : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fred Keup) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

9. Ordre du jour (suite)

Et gëtt proposéiert, déi Sitzung vu muer de Mëtteg um 14.00 Auer ofzehale mat engem Punkt um Ordre du jour, dat heescht dem Projet de loi 7683, d'Ofstëmmung iwwert d'Gesetz iwwert d'Aféierung vun enger Rei Mesuren am Kader vun der Covid-19-Pandemie.

Ass d'Chamber domadder averstanen?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Domat si mer um Enn vun der Sitzung vun haut ukomm.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(La séance publique est levée à 17.31 heures.)